PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

I-2023-O-M-7845-01

Dépôt: CLEMENT Sven

Heure d'actualité n°4253 : Incohérence des politiques en matière de santé et de prix des produits de tabac

Lëtzebuerg, den 19/03/2024

1

# Motioun

**D'Chamber vun den Deputéierten stellt fest:**

- Nikotinproduiten falen zu Lëtzebuerg net ënner d'Anti-Tubaks Gesetz ;
- Den Nikotin ass ee staark wierksaamt Gëft, dat ganz séier ofhängeg mécht ;
- Als Grënn firwat Jugendlecher fëmmen, schreift d'Fondation Cancer:
    - "Peer-Drock: Fëmmen gëtt als cool ugesinn, a Jugendlecher fillen de Besoin fir zu enger Grupp ze gehéieren; aus Angscht ausgeschloss ze ginn, maachen se wat all déi aner maachen.
    - De Besoin fir Reegelen ze briechen.
    - Virwëtz iwwer nei Erfarungen; Probéiert/léiert nei Saache kennen.
    - Initiatiounsritual fir d'Erwuessene Liewen anzegoen - fir ze weisen datt se elo Erwuessener sinn, imitéieren se Erwuessener a beweisen domat hir Onofhängegkeet.
    - Fir Gewiicht an / oder Appetit ze reguléieren - Zigarette si bekannt als Appetit-Suppressanten.
    - Fir Entspanung: Verschidde jonk Leit erliewen d'Pubertéit als eng ganz stresseg Phase voller Selbstzweiwel.
    - Fir mat Ären Idoler z'identifizéieren"
- An engem Artikel vum Lëtzebuerger Wort vum 18te Mäerz 2024 gëtt de Gesondheetsministère esou zitéiert:

  „Die Verbreitung der Nikotinbeutel kann zu Gesundheitsrisiken führen." Deshalb habe die Regierung beschlossen, einen gesetzlichen Rahmen zu schaffen, um diese neuen Produkte zu regulieren. Als präventive Maßnahme soll die künftige Regulierung „die schädlichen Auswirkungen so weit wie möglich minimieren".

**Aus dëse Grënn invitéiert d'Chamber vun den Deputéierten d'Regierung:**

1. De Verkaf vun Nikotinproduiten ewéi zum Beispill Nikotinsäckelcher u Mannerjäreger ze verbidden ;
2. Méi streng Kontrolle bei de Verkafsstellen ëmzesetzen, déi Tubaksproduite verkafen, fir sécherzestellen, datt Jonker dës Produiten net verkaaft kréien an d'Gesetz vum 13te Juni 2017 respektéiert gëtt.

Sven CLEMENT